N°2471
Entrée le 17.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 18.06.2025
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 17. Juni 2025

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil weiderzeleeden.

Aarmut huet vill Gesichter. Persounen, déi keng Aarbecht fannen oder opgrond vun engem Handicap oder enger Erkrankung net schaffe kënnen, Elengerzéiender a Famille mat méi Kanner, déi trotz enger fester Aarbechtsplaz mat den héije Liewenskäschte kämpfen, Persoune mat Migratiounshannergrond, eeler Leit oder Kanner – de Risk an d'Aarmut ze rutschen ass fir all dës Persounegruppe ganz reell zu Lëtzebuerg.

Fir dass d'Politik d'Aarmut geziilt bekämpfe kann ass et wichteg, méiglecht vill Informatiounen iwwert d'Liewensëmstänn vun deene Leit ze hunn, déi engem besonnesch héijen Aarmutsrisiko ausgesat sinn. Zu Lëtzebuerg sinn dat bspw. ënnert anerem d'Beneficiaire vun der Allocation de vie chère (AVC).
An deem Kontext wéilt ech dem Minister follgend Froe stellen:

- Wéi vill Beneficiairë vun der AVC kréien dës Hëllef automatesch ausbezuelt, well se och den REVIS bezéien? Wéi vill mécht dat par rapport zu der Gesamtzuel u Beneficiairë vun der AVC aus? Wéi gesinn dës Zuelen opgeschlësselt op déi lescht 5 Joer aus?
- Wéi vill Leit déi d'AVC kréien, bezeien och Kannergeld? Wéi vill mécht dat par rapport zu der Gesamtzuel u Beneficiairë vun der AVC aus? Wéi gesinn dës Zuelen opgeschlësselt op déi lescht 5 Joer aus?
- Wéi vill Leit, déi d'AVC kréien, bezéien och den RPGH? Wéi vill mécht dat par rapport zu der Gesamtzuel u Beneficiairë vun der AVC aus? Wéi gesinn dës Zuelen opgeschlësselt op déi lescht 5 Joer aus?
- Wéi vill Leit, déi d'AVC kréien, profitéieren och vun enger Loyerssubventioun? Wéi vill mécht dat par rapport zu der Gesamtzuel u Beneficiairë vun der AVC aus? Wéi gesinn dës Zuelen opgeschlësselt op déi lescht 5 Joer aus?
- Wéi vill Leit, déi d'AVC kréien, hunn och e Revenu aus enger Aarbecht? Wéi vill mécht dat par rapport zu der Gesamtzuel u Beneficiairë vun der AVC aus? Wéi gesinn dës Zuelen opgeschlësselt op déi lescht 5 Joer aus?
- Wéi vill Leit, déi d'AVC kréien, kréien och eng Altersrent ausbezuelt? Wéi vill mécht dat par rapport zu der Gesamtzuel u Beneficiairë vun der AVC aus? Wéi gesinn dës Zuelen opgeschlësselt op déi lescht 5 Joer aus?
- Wéi vill Leit, déi d'AVC kréien, kréien och eng Invaliderent ausbezuelt? Wéi vill mécht dat par rapport zu der Gesamtzuel u Beneficiairë vun der AVC aus? Wéi gesinn dës Zuelen opgeschlësselt op déi lescht 5 Joer aus?

Mat déiwem Respekt,

Georges Engel
Député

Ben Polidori
Député

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu